



► **Une voix.**- Also schiedlech fir d'Land... Dat ass awer...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- ...fir déi Äntwerte respektiv fir déi Argumenter och eriwwerzebréngen.

Mir fannen déi do Fro onnéideg. Si ass och ouni Débat virdu gewiescht. Et ass just eng Fro, fir eng Fro ze stellen. A mer fannen, datt hei e populisteschen Débat déclenchéiert gëtt.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Voilà!

(Interruptions)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Wat d'Ausländerwahlrecht ugeet, ass et sécherlech,...

► **Une voix.**- Ooh!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- ...an ech hunn et virdu gesot, sécherlech eng referendaresch Fro. De Corps électoral gëtt geännert, an dat ass wichtig.

D'Fro, ob een awer déi do Fro an dësem Moment soll stellen, ob d'Opportunitéit vun dëser Fro, mat all deem, wat u schwierigen Diskussiounen op eis zoukënnt, elo ass, hu mer oft genuch gesot. Ech wëll dat net nach eng Kéier widerhuelen.

Richteg ass awer, datt 45% vun Netlëtzebuurger hei am Land e Besoin vun zousätzlecher Participatioun noutwendeg maachen. An déi Zilsetzung, soen ech ganz kloer, deele mir och als Partei. Dofir hu mer proposéiert, eng Solutioun fir déi hei Fro iwwert d'Nationalitéitgesetz ze fannen.

Mir deet et nach ëmmer leed, datt mer dofir net konnte gemeinsam eng gréisser Diskussioun mateneen organiséieren. Well et wär besser gewiescht, déi Diskussioun ze féieren op eng calme Aart a Weis, wéi elo se an e Referendum ze ginn, wou se duerchaus emol kann ausrutschen, wat dësem Land géif richteg schueden. An Dir hutt et selwer ënnerstrach.

Wann een dat awer elo mécht, da muss ech mech just froen, Dir schlot hei eng Solutioun vir, wou Der sot, et muss een zéng Joer am Land sinn an et muss een eng Kéier scho mat wile gaange sinn. Da stellen ech mer d'Fro: Firwat déi do Konditiounen? Wou kommt Der un déi do Konditiounen? Wat bezwecken déi Konditiounen? Wat bréngen se?

Mir sinn nämlech der Meenung, datt, wann Der wierklech d'Participatioun vun den Netlëtzebuurger wëllt an Dir stellt esou restriktiv Konditiounen wéi déi do, da kritt Der net déi Äntwert - wann dat hei géif duerchgoen -, net déi Äntwert op déi Fro, déi Der gären hätt. Dir kritt net déi Participatioun an déi Zuele vu Participatioun, déi Der braucht.

Déi Proposition, déi mir gemaach hunn iwwert d'Nationalitéitgesetz, wäert eis wesentlech méi Effikasitéit bréngen, wesentlech méi Leit, déi d'Lëtzebuurger Nationalitéit kréien an déi duerno kënne mat wile goen, aktiv a passiv mat wile goen, wéi déi Proposition, déi Dir maacht.

Ech mengen, datt d'Participatioun wesentlech méi duerch deem Text wäert ënnerstëtzt ginn, wéi duerch déi Proposition, déi Der do maacht. An ech froe mech och: Firwat just déi hei Proposition? Et wären 100 aner Solutiounen méiglech gewiescht. A se ass och néierens justifiéiert, weder déi zéng Joer nach de Fait, datt een eng Kéier soll derbäi gewiescht sinn. Néierens justifiéiert!

Ech froe mech d'ailleurs, firwat net déi do Frostellung anescht ugaange ginn ass. Firwat kann een hei just mat jo an Neen äntwerten? Firwat huet een net d'Fro gestallt vun der Participatioun, ob een déi wëllt iwwert d'Nationalitéitgesetz, iwwer zéng Joer an eng Kéier schonn derbäi oder iwwer fënnf Joer hei am Land? Et hätt ee jo och kënne esou e Referendum organiséieren.

Et wär d'ailleurs net fir d'Éischt gewiescht, datt e Referendum mat enger Rei Alternativen organiséiert gi wär. De Referendum vun 1919 iwwert d'Dynastie war genau e Referendum mat véier Alternativen: éischters, de Maintien vun der Grande-Duchesse Charlotte (veuillez lire: Marie-Adelheid), zweet Alternativ war de Maintien vun der Dynastie, mä mat enger anerer Grande-Duchesse. Déi drëtt Äntwert, dat war d'Opsetze vun enger anerer Dynastie. An déi véiert Äntwert war d'Republik. Et konnt ee bei véier Alternativen tëschent där enger an där anerer wilen.

Hätt ee wëlle wierklech d'Fro stellen, wéi d'Leit d'Participatioun brauchen, hätt ee jo duerchaus kënne all d'Alternativen, déi eng an déi aner ugin an d'Leit richteg wile loosse tëschent verschidde Systemer, déi méiglech sinn, mat darselwechter Zilsetzung, déi mer jo deelen.

Mä firwat just déi hei? Firwat d'Reduktioun vum Choix? Eng Äntwert, déi an eisen Aen net vill, wann net näischt bréngt! A mir mengen, datt et just gewiescht ass aus Angscht, well en hätt kënne, dee Referendum, eventuell schifgoen. Hei ass eng Chance, datt e vläicht mat jo ausget.

Mä ech fannen et net uerdentlech, net korrekt, net seriö, wéi dat do gemaach gëtt. Et geet just drëm, den Nationalitéiteprinzip hei aus dem Text erauszehuelen. En éischte kleng Schrëtt ze maachen, deen näischt zur Participatioun bäidréit. A wann een de Prinzip eng Kéier dobaussen huet, da kann ee jo déi nächst Etappen an deenen nächste Jore maachen. An dat ass fir eis problematesch als Usaz.

### 13. Dépôt d'une proposition de loi par M. Claude Wiseler

Ech wëll och, fir ze ënnersträichen déi Wichtigkeet vun deem hei Sujet - a well mer eng Proposition gemaach hunn -, och hei ganz offiziell dem Parlamentspräsident eng Proposition de loi iwwerreechen. Här President, wann ech gelift.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Iwwert déi Proposition, déi mer gemaach hunn, iwwert déi Proposition, déi a sech d'Nationalitéitgesetz ëmännert, fir d'Residenzklausel vu siwen op fënnf Joer erofzeschrauwen, fir e groussen Deel Droit du sol anzeféieren, nom franséische System. Dat heescht auslännesch Leit, auslännesch Kanner, déi hei op d'Welt komm sinn, gi mat 18 Joer automatesch Lëtzebuurger, ouni iwwerhaupt eng Demande méi mussen ze maachen. Se sinn et einfach mat 18 Joer.

Iwwert de Fait, datt s de keng Condition de résidence méi braucht ze hunn, wann s de mat engem Lëtzebuurger bestuet gëss, iwwer eng Facilitatioun vun eiser Kontroll am Sproochesystem an iwwert d'Dispens vun iwwerhaupt enger Sproochekontroll, wann s de 20 Joer hei am Land bass.

Ech wëll awer och soen, well ech wëll korrekt sinn, datt deem Text, dee mer elo agereecht hunn, zu engem groussen Deel den Text vum Projet de loi 6561 vum François Biltgen ass, dee mer nach eng Kéier agereecht hunn, mat deenen Ännerungen awer dran, déi ech elo gesot hunn, wou mer e gutt Stéck nach méi wäit ginn, wéi den Text vum François Biltgen sengerzäit gaangen ass.

**6781 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise.**

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Deen Der virun zwee Joer net wollt. Ech war bei de Verhandlungen derbäi.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech soen lech ganz kloer, datt d'Evolution vun den Diskussiounen natierlech ass, an Dir gesitt och d'Evolution vun där doter Fro an deene leschten 20 Joer, datt Schrëtt fir Schrëtt gemaach ginn ass. Dir wäert eis jo elo net reprochéieren, Här Bodry, deen Text hei ze déposéieren.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Neen, d'Welt dréit sech net ronderëm d'CSV.

(Interruptions)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech ginn lech domadder 100%eg recht, Här Bodry, d'Welt dréit sech net ronderëm d'CSV, wéi och net ronderëm aner Parteien.

Ech wëll awer e leschte Passage...

► **Une voix.**- ...wat een am Parlament seet...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mä se si jo och richteg. Ech wëll vläicht just nach...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Wat ass elo déi richteg Iwwerzeegung vun der CSV, ech weess et net.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift! Här Wiseler, fuert Dir virun!

### 14. 6738 - Proposition de loi portant organisation d'un référendum national sur différentes questions en relation avec l'élaboration d'une nouvelle Constitution (suite)

*Discussion générale (suite)*

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech fuere ganz gär weider, Här President. Ech wëll nämlech nach eng lescht Fro hei opwerfen, e puer Wuert soen iwwert déi Fro, déi net méi am Referendum ass: d'Relatioun tëschent Kierch a Stat, wat fir eis och e wichtige Sujet ass. An

d'CSV war och der Meenung, datt een op dësem Sujet misst bougéieren. Dir kënnt eise Wahlprogramm liesen, Dir hutt en d'ailleurs gelies.

Et ass e Sujet, dee komplex ass. Mir hunn ëmmer gesot, en ass vill ze vill komplex, fir eng einfach Fro am Referendum doriwwer ze stellen. Et stelle sech d'Froen iwwert d'Gehälter. D'ailleurs hutt Der se an där Konventioun, déi Der gemaach hutt, och wesentlech méi vast ugeschwat wéi an der Referendumsfro, déi gestallt gi war. Froen ëm d'Gehälter, ëm de Reliounsunterrecht, ëm d'Kierchefabrécken, Froen awer och iwwert de Contrôle, deen de Stat iwwert d'Kierche soll oder net soll exercéieren. Eng komplex Fro an e wichtige Sujet!

Mä an där Fro, déi Der am Referendum gestallt hat, hutt Der awer just ee Sujet ugeschwat, an dat war dee vun de Ministres des cultes. Sot mir just, firwat Der, wann Der esou eng wichtig Fro wëllt ugoen, déi esou komplex ass wéi déi do, se just wëllt ugoen an engem Referendum an dann d'Fro iwwert déi sougenannte Paschtéieschgehälter frot, oder d'Gehälter vun de Ministres des cultes. Firwat just déi Fro? Firwat net déi aner Froen? Firwat net eng Fro stellen dee Moment scho vun Ufank un iwwert...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Well et eng Fro ass, déi haut an der Verfassung geregelt ass.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jo, aner Froe mussen och an der Verfassung geregelt ginn.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Do ass et awer net anescht...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- De Contrôle, deen de Stat huet iwwert déi eenzel Reliounsgemeinschaften, ass och eng Verfassungsfro. Mir hunn d'ailleurs en Artikel 22 dofir ëmgeännert, fir déi Fro do an de Grëff ze kréien oder anescht ze formuléieren. Firwat hutt Der déi Fro dann net gestallt sengerzäit? Datt mer se elo eraushuelen, well se zu engem Deel beäntwert ass, fannen ech normal. Mä firwat just d'Fro stellen iwwert d'Paschtéieschgehälter?

An ech soen lech, well dat nu wierklech d'Aart a Weis war, fir de Problem uzegoen, well ee wëllt de Referendum einfach op seng Säit entscheet kréien, ouni déi richteg Froen ze stellen! D'Fro iwwert d'Paschtéieschgehälter an d'Gehälter vun de Ministres des cultes ass dach net déi richteg Fro, déi Der hei an där ganzer...

D'Fro iwwert d'Responsabilitéit vum Stat par rapport zu de Reliounen: Wéi wäit ass de Stat responsabel, fir ze wëssen, wat do geschitt? Dat ass déi richteg Fro! Hätte mer déi gestallt, hätte mer eng ganz aner Diskussioun kritt. Eng ganz aner Diskussioun, eng richteg Diskussioun, eng wichtig Diskussioun kritt. Dat wollt mer awer net als Diskussioun. Do hätt ee kënne de Referendum net gewonnen, an dat wär jo net richteg gewiescht.

Mir hunn dat populistesch als Approche fonnt, well mer fonnt hunn, datt déi richteg Problemer net hei ugeschwat ginn an datt déi Froen nëmme gestallt gi sinn, an et ass lech och gelongen, fir Drock auszeüben. Déi Konventioun ass op Basis vun deem Drock ënnerschriwwen ginn, an d'Fro konnt du vum Dësch geholl ginn. Mä d'Intentionen nëmme, fir Drock auszeüben, fannen ech a sech net korrekt.

Ech kommen zur Konkusioun. Dës Referendumsfro si just, esou wéi se elo hei gestallt sinn a formuléiert ginn, aus parteipolitesche Grënn gestallt an enger Frostellung, déi an eisen Aen net objektiv ass. Déi virgeschloen Alternative loosse sech an eisen Aen net seriö justifiéieren. A mir fannen, datt et hei e Mëssbrauch vun Instrument vum Referendum ass fir parteipolitesche Zwecker an datt et laanscht d'Leit geet. Dat Instrument vum Referendum ass eis extrem wichtig, mä esou ugewannt fanne mer et net seriö an et ass kee Courage, fir déi Froen ze stellen, déi a sech d'Leit interesséieren.

Ech soen awer och hannendrun, elo kréie mer eng Diskussioun, elo kréie mer eng Campagne an deenen nächste véier Méint. Ech ginn dovunner aus, datt dat Gesetz haut gestëmmt gëtt, egal wat ech soen, datt dat Gesetz haut gestëmmt gëtt, an da kréie mer déi Campagne. An ech soen och ganz kloer fir meng Partei, datt mer déi och probéieren, mat Argumenter ze maachen. Hei si mer jo an der Chamber.

Dobauss gi mer bei d'Leit an eis Versammlungen a mir wëllen och op déi Froen äntwerten. Mir wëllen och mat eisen Argumenter erklären, firwat mer esou an net anescht äntwerten, an dat seriö ugoen. Dat soen ech och kloer an d'äitlech hei. Ech soen och, dat ass jo just e konsultative Referendum.

Ech soen awer och hannendrun, datt natierlech d'Resultater vun deem Referendum, wéi se och ëmmer sinn, an eisen zukünftigen Iwwerleeungen nom Referendum, datt mer an eisen Iwwerleeungen deene Resultater wäerte Rechnung droen. Mä et muss een natierlech kucken, wat

sech do ausdréckt, wéi et sech ausdréckt, wéi d'Diskussioun an der Campagne leeft, an haapt-sächlech och, wéi d'Proportiounen vun de Resultater sinn. Op jidde Fall gëtt dëse Referendum e wichtegt Element an eisen zukünftigen Iwwerleeungen nom Referendum.

An ech soen nach hannendrun, datt och dës Majoritéit eng grouss Responsabilitéit hëlt, wa se dat do mécht. Haapt-sächlech duerno, wann deen nächste Referendum nom Artikel 114 vun der Constitution kënnt.

Mir waren ëmmer der Meenung, datt ee Constitutionsännerung sollt mat engem grouse gesellschaftleche Konsens maachen. Kommen elo hei Resultater, étriquiert Resultater eraus, déi Der duerno wëllt an d'Constitution mat iwwerhuelen, d'Constitution, déi Der dann erëm wëllt an e Referendum stellen, an där kommen zwee oder dräi mat all deenen Onzeffriddenheiten, déi schonn duerch aner Diskussiounen, zum Beispill déi Reliounsdiskussioun zesumme kommen, da stellt Der déi zéng Joer Aarbecht, déi awer gemaach gi sinn, an déi Nécessitéit an déi Wichtigkeet, déi eng nei Constitution vu Lëtzebuerg hätt, awer uerg a Gefor! Eng grouss Responsabilitéit, déi Der domat hutt. Ech wëll et just eng Kéier an aller Däitlechkeet hei gesot hunn.

An ass all deene Grënn wäert d'CSV zu dësem Text net kënne mat jo äntwerten, mä mat Neen äntwerten.

Domat wär ech normalerweis fäerdeg. Ech wëll just nach eppes hannendrusetzen, eng technesch Fro, den Här Bodry huet se och schonn ugeschwat, well se gëscht opkomm ass an där Diskussioun, wéi dann elo ausgezielt gëtt an deem Referendum hei. An dem Här Bodry seng Explikatiounen sinn och richteg.

Et ass just ee Punkt, also et ass elo e wéineg méi spontan hei, et ass just ee Punkt, deen ech net richteg verstinn, an dat ass deen, et ass jo méiglech, vu datt dräi Froen op engem Bulletin sinn, datt verschidde Leit op eng Fro äntworten an op zwou Froen net. Dat ass méiglech. An da gëtt dee Bulletin fir déi eng Fro valabel erkläert, deeselwechte Bulletin fir déi aner Froen awer net valabel erkläert. Dat fannen ech awer juristesche e richtige Problem.

Dann hätt een et a priori besser mat dräi separate Bulletine gemaach. Sou wéi et elo gemaach gëtt, ass och a kengem Gesetz fixéiert en fin de compte, datt mer de Bulletin eng Kéier als valabel an eng Kéier als net valabel erklären. Ech hu mech awer gefrot, ob dat net wierklech e reelle juristesche Problem ass, wa mer do zu de Resultater kommen.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och dem Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Eugène Berger.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Politik méi no um Bierger, d'Politik méi no mam Bierger ze gestalten, dat ass en Zil, dat sech d'Majoritéitsparteien op de Fändel geschriwwen hunn. An de Referendum vum 7. Juni ass e wichtige Schrëtt, fir dëst Zil ze erreechen.

Jo, de Referendum dëst Joer ass en historesche Moment, well mer nei Weeër gi bei der demokratescher Abannung vum Vollek bei wichtige Gesellschaftsfroen. Esou eng partizipativ Démarche vun der Chamber, am Endeffekt, ass et an deem Mooss an deene leschte Jorzéngten nach net ginn, well mir banne mat dem Referendum d'Biergerinnen an d'Bierger direkt an d'Aarbechte vun eise wichtegste Gesetz, nämlech d'Aarbechte vun der Verfassung banne mer se domadder an.

Ech wëll nach eng Kéier och kuerz de Kontext vun den Aarbechten um Referendum hei skizzéieren. De Rapporteur huet dat scho gemaach. Mä et ass awer wichtig, fir nach eng Kéier de Kontext ze setzen. D'Chamber beschäftegt sech schonn zéng Joer oder méi, op alle Fall e Jorzéngt mat enger Neifaassung, mat enger Moderniséierung vun deem wichtigsten Text an eise Rechtssystem. An d'Koalitioun huet och an hiren Accord geschriwwen, datt se wëllt déi Verfassungsreform elo och an dëser Legislatur ofschléissen, datt mer endlech d'Aarbechte kënne fäerdeg maachen.

Ech wëll nach eng Kéier rappeléieren - ech mengen, hei ass dat vläicht an dësem Haus iwwerflësseg, mä ech maachen et awer nach eng Kéier -, ech wëll rappeléieren, datt d'Verfassung dat wichtigst, dat iewescht Gesetz ass. Et regelt d'Organisatioun vum Stat, et garantéiert eis Grondrechter an et setzt och de legale Kader, deen dann all Gesetz an all Reglement och muss respektéieren.

An, Här President, mir wëssen et allegueren, et ass e Fait, scho bal eng Banalitéit, fir et ze soen, mä eis Gesellschaft, eng Natioun, e Stat, deen evoluéiert, verännert sech. An duerfir huet dës